N°2594
Entrée le 10.07.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 11.07.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10/07/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Finanzen weiderzeleeden.**

A verschiddene Servicer vun der Douane, wéi zum Beispill um Flughafen, mussen d'Beamt:innen Schichte schaffen. Dozou gehéieren deementspriechend natierlech och Nuetsschichten dozou. An deene leschte Jore war et esou, dass d'Primme fir d'Nuetsschichten emol am Joer ausbezuelt goufen, dëst ëmmer Enn Abrëll oder Enn Mee. Eis gouf zougedroen, dass entretemps doriwwer geschwat géif ginn, fir dass d'Primmen an Zukunft all Mount mam Salaire sollen ausbezuelt ginn amplaz e Mol am Joer. Dëst ass besonnesch erstaunlech am Kontext dovun, dass d'Nuetsprimmen fir dat lescht Joer bis elo nach net ausbezuelt goufen, wat fir Onmutt bei ville Beamt:innen suergt, well et bei ville Beamt:innen ëm Montanten an Héicht vun e puer dausend Euro geet, déi vill vun hinne scho fest an hir Depensen ageplangt haten.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Firwat goufen d'Nuetsprimme bei der Douane nach net wéi soss üblech Enn Abrëll respektiv Enn Mee ausbezuelt?
2. Wäerten d'Nuetsprimme mam Augustsalaire, deen Enn Juli ausbezuelt gëtt, ausbezuelt ginn?
   - Wa nee, firwat net?
   - Falls d'Nuetsprimme net Enn Juli ausbezuelt sollte ginn, fir wéini ass dëst virgesinn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten